

Zäit, déi mer schonn hannendra sinn, opzehuelen, wëll ech et kuerz maachen. Ech mengen, ech wëll mech deem uschlëssen, wat de Jeannot Krecké gesot huet, an eigentlech dofir net méi alles widderhuelen an einfach soen, datt mir hei den Accord bréngé vun eiser Fraktioun fir dee Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Här President, am Numm vun der Regierung wollt ech allen Intervenantë merci soe fir hir Stellungnahmen zu deem Projet, dee jo eigentlech en einfache Projet ass, mä dee komplex ausgesäit.

Hei geet et net primär ëm d'finanziell Gesënnung vun der Foiresgesellschaft, mä ëm d'Immobiliegesellschaft, déi déi Immobilien un d'Foiresgesellschaft verlount. Sou kann een och net der Regierung e Virwurf maachen iwwer Gestionsproblemer, déi bei der Foiresgesellschaft bestanen hätten.

Däerf ech just rappeléieren, dass deemools 1990, wéi dee Modell operéiert ginn ass vun enger Société immobilière an enger Société d'exploitation, e Businessplang ausgeschaff gi war, dee virgesinn huet, dass Compte tenu vun der Mise vun den Aktionären, dee Loyer, deem à charge vun der Foiresgesellschaft gefrot ginn ass, tragbar wier, an dee war och während enger Rei Joren tragbar, mä duerno haten d'Rahmbedingungen vun der Exploitation vun enger Foire geännert an dee Loyer war net méi tragbar, et hu sech Perten accumuléiert an d'Foiresgesellschaft huet sech Joer fir Joer missen d'Fro stellen, ob se hir Aktivitéite géif weiderféieren oder net.

Am leschte Joer koun et dann zu nach enger méi tragescher Situation an deem Mooss, wou d'Foiresgesellschaft - net méi d'Exploitationgesellschaft - net méi Liquiditéite genuch hat fir de Loyer un d'Immobiliegesellschaft ze bezuelen an domadder d'Immobiliegesellschaft net an der Lag war hir Engagementer vis-à-vis vun de Banken ze honoréieren.

Mir hunn duerno, well mer iwwert déi Situation informéiert gi sinn, gekuckt wat fir ee Modell ee kënt en place setzen, ouni awer de Stat ze vill ze engagéieren. An de Modell, dee mer gewielt hunn, ass eben deen, dee mer haut der Chamber virschloen. Dat ass e Modell wou mir de Privataktionären, plus deenen anere méi oder weéneger staatlechen Aktionären en dehors vun Fonds de Kirchberg, hir Aktien ofkafen, déi sech awer gläichzäiteg engagéieren, fir déi Suen ze gebrauche plus nach eng zousätzlech Moyenen, déi se an eng Augmentation de capital vun der Exploitationgesellschaft stiechen, fir déi Gesellschaft ze renflouéieren.

Wann dat dann no Ofschloss vun all deenen Operatioune geschitt ass, kann och d'Exploitationgesellschaft hir Scholde vis-à-vis vun der SIPEL honoréieren an d'Immobiliegesellschaft kann hir Prête rembourser. Dat ass de Volet financier vun deem Projet.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Firwat ass net dru geduecht ginn, fir eventuell vläicht eng Bank derbäi ze behalen, oder de Stat ganz eleng, mä fir de Fong erauszehuelen. Dir sot selwer, dass Institutiounen, déi trotzdeem dem Stat no stinn, erausginn. Firwat ass déi Operatioun net mam Fonds d'urbanisation de Kirchberg gemaach ginn, wou een awer net richteg gesäit, firwat deen eng Participatioun an esou enger Gesellschaft soll hunn?

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Här President, et hätt een effektiv och nach kënnen higoen an et hätt een an der SIPEL

och de Fonds de Kirchberg erauskaf, dat wier da beim Stat eigentlech eng Operatioun gewiescht, wou een aus der lénkscher Täsch an déi riets Täsch Sue gestach hätt, well dat ass jo awer bal Speck a Schwéngefleesch, wien do operéiert. Et wier eigentlech drop erauskomm, dass een dem Fonds de Kirchberg, iwwer budgetär Mittel, zousätzlech Liquiditéiten zur Verfügung gestallt hätt.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Mir hunn et bei anere gemaach.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.- Jo, mä dat hei ass e Choix - an ech gi gären zou, Här President -, fir deen ech mat verantwortlech sinn.

Ech war net der Meenung, dass een och nach misst e puer Milliounen Euro an de Fonds de Kirchberg zousätzlech stiechen. Ech ka mer awer virstellen, an näischt empéchéiert eng nächst Regierung, wann zum Beispill de Fonds de Kirchberg fir Infrastrukturaarbechten, déi e muss realiséieren, statt e Prêt opzehuelen, dass d'Regierung seet: Statt e Prêt ze cautionnéieren, kafe mer lech elo zousätzlech déi Aktien aus dem Fong eraus. Et kann ee sech da souguer virstellen, dass d'Gesellschaft SIPEL opgeléist gëtt an dass dat dann e Gebai ass, wéi de Stat vill Gebaier huet, dat dann der Foiresgesellschaft verlount oder zur Verfügung gestallt gëtt.

Dee Loyer, dee mir elo kréien, ass e Loyer, dee supportabel ass fir d'Exploitationgesellschaft no deem Businessplang, dee si sech selwer ginn huet. Deen entsprécht deem, wat déi Verantwortlech vun der Exploitationgesellschaft mengen, wat an hire finanzielle Méiglechkeete wier, an dofir wollt ech op eng Fro vum Här Krecké zrëckkommen.

D'Foiresgesellschaft, also d'LUX-EXPO huet selbstverständlech eng Strategie, déi och vum Conseil d'administration ofge-seent ass an, obschonn de Stat do näischt ze soen huet, mä wann d'Chamber déi Verantwortlech vun der LUXEXPO invitéiert fir an eng Kommissioun ze komme fir do d'Strategie, déi se wëllen an der Zukunft féieren, ze exposéieren, dann ass do - huelen ech un - kee Problem vu Säite vun der Verantwortleche vun der Foiresgesellschaft. Sollt e Problem sinn, géif ech mat hëllefen, se drun ze erënnere, dass se awer och vis-à-vis vun der Chamber eng Rei, wéi soll ech soen, op d'mannst moralesch Verpflichtungen hätten.

Wat den Emplacement ugeet, sou sinn do ganz vill Propositione gemaach ginn. Et goufe Leit, déi gemengt hunn, et kéint een d'Foire op d'Frichen an de Süde vum Land transplantéieren. Et goufe Leit, déi der Meenung waren, et kéint ee se iergendwou am Émfeld vum Flughafen usiedelen, fir dann deen Terrain do um Kierchbiereg fräi ze maache fir aner Immobilieprojeten. Et sinn der souguer esou wäit gaangen, dass se sech vu Consultants Etüde maache gelooss hunn, wat dann déi Emphytéose, dee Bail emphytéotique, wat deen iwwert déi Lafzäit, wou en nach gültig ass, wat dee wäert wär, fir ze kucken ob een dann net kéint dorausser dann déi Mittel huelen, fir eng nei Foire ze bauen.

Ech muss lech soen: Eng Foire, esou wéi se elo funktionéiert, wéi se an Zukunft nach méi soll funktionéieren, ass och ofhängeg vun enger Rei vun Infrastrukturen. Dat eent ass eng Transportinfrastruktur. Do wou d'Foire läit muss den öffentliche Transport optimal kënnen organiséiert ginn. An do derniewent brauch een awer och eng Infrastructure hôtelière, fir déi Leit, fir déi Exponenten an esou weider ënnerdaach ze bréngen.

Et kann een also déi Foire net egal wuer setzen. Dofir hunn ech gemengt, dass en Emplacement am Süde vum Land op de Frichen géif

ausscheeden. Deen um Flughafen huet mer och net adequat geschéngt, well mer do schonn e bëssen enk sinn, an 10 Hektar fir eng Foire oder esou kritt een do net lassgeschloen.

Vläicht kann een eng Kéier an der Zukunft, wann déi Foire iergendwann eng Kéier muss modifizéiert ginn, well mer do de Raccord maache vum Ferroviaire an där Géigend - et ass jo e Bestanddeel vun deem Projet -, dass een da vläicht kann driwwer nodenken, deemno wéi de Süde vun der Stad Lëtzebuerg sech entwéckelt an deemno och wéi do öffentliche Transport kann organiséiert ginn, wat elo nach net méiglech ass, mä wéi dee kéint organiséiert ginn, dass een eng Localisation do géif virgesinn. Mä ech mengen awer, déi Infrastrukturen, déi elo do sinn, leie gutt do an et ass am Moment keen Handlungsbedarf fir dat ze änneren, och wann eenzel Esthete mengen, dass baulech déi Foire net onbedéngt ideal ass, am Verglach zu all deenen architektonesche Bijouen, déi zum Deel um Kierchbiereg stinn.

Här President, ech wollt dat op déi puer Froe geäntwert hunn. Déi lescht Fro vum Här Krecké war déi: Firwat ass et zu där finanzieller Situation komm? Et ass dozou komm, well dee Businessplang, deen an den 90er Joren opgestallt ginn ass, net geklappt huet. Dobäi koumen och nach eng Rei Gestionsproblemer, déi jo an der Tëschenzäit eng Léisung fonnt hunn.

Den Här Greisen, Här President, huet gefrot: Gëtt et eng Garantie fir d'Zukunft? Ech hu Vertrauen, Här President, an déi aktuell Responsabel, an de Management vu LUXEXPO. Ech sinn der Meenung, dass dee Businessplang, dee se virgeluecht huet, eng zolidd Basis ass fir d'Zukunft. Eng Garantie awer, Här President, kann een a kengem Geschäft, a besonnesch net am Ausstellungsgeschäft ginn.

Ech soen der Chamber, Här President, awer merci fir déi breet Zoustëmmung zu deem Projet, dee weinstens à moyen terme d'Zukunft vun der LUXEXPO ofséchert.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. D'Lection an de Vote vum Projet de loi sinn an der Sitzung vu mar, den 12. Mee.

Mir kommen dann elo zur Diskussion vum Projet de loi 5256 iwwert d'Verkéiersregelung op den öffentliche Weeër. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Hären Haupt, Zanussi a Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

11. 5256 - Projet de loi modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Gusty Graas (*DP*), rapporteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, bei deem heite Gesetzesprojet geet et drëm, fir verschidden Ännerungen un der Réglementation vum Verkéier op allen öffentliche Stroosse virzehuelen. An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 war zrëckbehalte ginn, datt d'Regierung géing versiche fir déi administrativ Contrainten, wat déi technesch Kontrollen ubelaangt, vun

alle Gefierer op eise Stroossen ze erliichteren.

Dese Projet dréit deem elo Rechnung. An zwar gesäit e vir, datt fir Autoen, Voitures commerciales, Véhicules utilitaires a Motorieder no enger éischter Immatriculation den traditionellen technesch Contrôle u sech duerch en einfache Contrôle elo ersat gëtt. Dat gëtt méiglech duerch d'Existenz vun engem sou genannte Certificat de conformité, eng Zort vu Garantie. E Certificat, deen de Constructeur bei all Gefier, dat op de gemeinsame Maart erauskënn, dann och muss bäileen.

Beim Changement vum Propriétaire vun engem Auto brauch een dann, wéi gesot, och net duerch de Contrôle, virausgesat allerdéngs, datt de Kontrollcertificat nach ëmmer gültig ass. Allerdéngs muss an deem Fall dann den neie Propriétaire op eng Spezialkontroll verzichten, ier d'Occasion géif réimmatriculéiert ginn.

An da muss een och nach an deem Text soen, datt déi historesch Autoen, déi virun dem 1. Januar 1950, net an d'Kontroll brauchen. D'Lëtzebuerger Oldtimerfédération huet sech iwwregens och zefridde mat deser Entscheidung gewisen.

An da wëll ech awer och nach hei ënnersträichen, datt déi Kontrolle selbstverständlech och musse vu vereedegten Agente virgeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere wichtege Punkt vun deem Gesetz ass u sech d'Verstäerkung vun der gesetzlecher Basis fir kënnen EU-Direktiven ëmzesetzen, wat d'Réception vun Autoen ubelaangt. Dës Direktive ginn an d'nationaalt Recht iwwert de Wee vu groussherzogleche Reglementer transposéiert.

An da wëll ech och hei ënnersträichen, datt den technesch Contrôle fir Trakteren agefouert gëtt, déi méi séier wéi 40 km an der Stonn fuere kënnen. Wéi bei den Autoe mussen dann elo och déi Trakteren all dräi an halleft Joer an d'Kontroll an duerno all Joer. Datselwecht géllt och fir déi Trakteren, déi zwar net mat 40 fuere kënnen, mä déi awer eng oder méi landwirtschaftlech Remorquen nozielen, an dann awer och méi wéi mat 25 wëlle fuere. Dat kléngt elo e bësselche komplizéiert, mä wann een dat nach eng Kéier duerchliest, dann ass dat awer licht ze verstoen. An där Hypothees muss jiddefalls awer och nëmmen de Trakter an d'Kontroll, an net d'Remorque. Ech wëll dann och drop hiweisen, datt déi fir d'éischte Kéier no dräi an engem hallwe Joer erëm eng Kéier mussen an d'Kontroll goen, an duerno all zwee Joer.

D'Chambre d'Agriculture ënnersträicht - menger Meenung no och zu Recht - an deem Kontext, datt déi Kontrolle solle wa méiglech tëschent November a Februar stattfannen, fir datt se bei der Exploitation net géingen ze vill handicapéiert ginn. Dofir soll een och fir déi Remarquen e gewëssend Verständnis opbréngen.

Da gëtt och d'Stroossekontroll fir déi sou genannte Véhicules utilitaires, déi an der Europäescher Union zirkuléieren, agefouert. Dës Kontrolle gi vun agréierten technesch Kontrollorganer zesumme mat de Leit vun der Douane virgeholl. An dat erlaabt eben och Lëtzebuerg fir auslännesch Schwéiertransporter unzehalen, fir kënnen eng technesch Kontroll ze maachen. Gegebenenfalls kann dann och de Camion octroyéiert kréien op déi nächst Kontrollstation ze fuere, fir datt eng komplett Ennersichung gemaach gëtt. Oder e kann awer och verbuede kréien, fir nach weiderzufuere. D'Leit vun der Douane daerfen d'Camionen unhalen an deementspreechend dann och d'Transportdokumenter kontrol-

léieren, während d'Kontrollagenten d'Gefierer op hir technesch Conformitéit ënnersichen.

An deem Kontext erlaben ech mer als Rapporteur awer trotzdeem d'Fro ze stellen, ob een net kéint d'Kompetenze vun den Douanieren an Zukunft ausweiden, andeems datt se d'Méiglechkeet krite fir och en Avertissement taxé auszustellen, wann eng Infraction géint d'Transportlégislation, wat den technesch Equipement an d'Bordpabeieren ubelaangt, virläit.

Här President, den drëtten Volet vun deem Gesetz betrëfft dann d'Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen. Hei ass besonnesch vläicht wichteg, datt d'Gemengeresponsabel dat fréizäiteg matgedeelt kréien, well d'Gemenge bleiwen natierlech zoustänneg wat d'Réglementation op de Vicinalweeër an de Statsstroossen ugeet, souwäit dat natierlech innerhalb vun den Agglomérationen ass. Ausserhalb vun den Dierfer an de Stied bleift natierlech de Stat dann awer kompetent. D'Réglementation geschitt iwwer e groussherzoglecht Règlement, sauf wann d'Bestëmmungen net méi wéi dräi Méint Dauer hunn. An deem Fall geet e gemeinsam Règlement duer, vum Transportminister a vum Bauteminister.

Zefridde wäerten d'Gemengen awer virun allem sinn, wa se Règlements temporaires huelen oder, wéi och gesot gëtt, Règlements d'urgence, wou den Effet net méi wéi 72 Stonnen huet, datt dat net muss nodréiglech erëm vum Conseil communal approuvéiert ginn.

E leschte Punkt betrëfft dann den Datschutz, e ganz wichtegt Element och vun deem Projet de loi, an zwar geet et doréms, fir eng Base légale ze schafen, wat déi gerichtlich Décisioun an déi medezinesch Informatioun a Relation mam Führerschäin ubelaangt, an d'Société nationale du contrôle technique ass jo duerch d'Gesetz vum 30. Juli 2002 mat engem Deel vun der administrativer Gestiou vun de Führerschäiner beoptraagt ginn, an och mat der Gestiou vun der Immatriculation vun den Autoen. D'SNCT kann ee wéi gesot als e Sous-traitant vun Transportministère ugesinn, wat dann eben och d'Notze vun deene perséinlechen Donnéeën betrëfft.

De Conseil d'État hat a sengem éischten Avis vum 30. Mäerz 2004 zwou Oppositions formelles an eng Rei Undrohungen op Opposition-formellé virgeluecht, deenen d'Regierung allerdéngs an hirem adaptéierten Text du Rechnung gedroen huet. Et ass virun allem awer och ëm den Artikel 4 gaangen, wat den Agrément vun de sou genannten Ateliers de transformation ubelaangt. De Statsrot war u sech net domat d'accord, dass d'Modalitéite wat den Agrément ubelaangt géingen iwwert de Wee vu groussherzogleche Reglementer kënnen fixéiert ginn. Dofir ass elo am Gesetz spezifizéiert ënnert wéi enge Konditione een deen Agrément kréie kann.

Ech wëll elo net ze vill an den Detail goen, dat kann ee jo am Gesetz noliessen, mä ënner anerem soll gesot ginn, dass een zum Beispill e System vun enger Assurance-qualité muss virweisen iwwert d'Qualifikatioun vu sengem Personal, dann natierlech och wat d'Impartialitéit am Kader vun de Kontrollaktivitéiten ubelaangt oder den Archivage. Zousätzlech muss een dann awer mindestens dräi Kontrollzentren hunn, an zwar mussen déi an esou engem Rayon leien, dass d'Convocation fir d'Clients - fir dat emol esou ze soen - net méi wéi 30 km daerf sinn.

Och d'Kritäre fir d'Formatioun sinn no der Opposition formelle vun Statsrot elo am Gesetz festgehalten an och preziséiert ginn. Ech

wëll do vläicht ënnersträichen, dass een ënner anerem, wann een e Centre de formation wëllt bedriewen, muss mindestens dräi Übungspisten hunn. Voilà, ech géing soen dat sinn elo déi wichtegst Elementer aus dësem Gesetz, wat ech lech géing bidden ze stëmmen, an ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, nodeem dass de Kollege Gusty Graas elo dee Projet hei am Detail virgedroen huet, wou ech en iwwregens wëll fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport félicitéieren, erlaabt mer, dass ech zwou Bemerkungen zu dësem Projet maachen. Eng Bemerkung, déi déi administrativ Vereinfachung ubelaangt, déi dee Projet mat sech bréngt, an eng aner Bemerkung, déi d'Vergréisserung vun der Sécherheet mat sech bréngt, déi eben duerch dëse Projet garantéiert ass.

Wat déi administrativ Vereinfachung ubelaangt: Et gëtt jo ëmmer gesot d'Regierung géing net vill maache wat déi administrativ Vereinfachung ubelaangt. Ech mengen hei ass e Beispill vun engem Projet, dee wierklech a verschiddene Punkten déi administrativ Belaaschtung, déi op den Administratiounen, awer och mengen ech op den Entrepreneuren an op de Gemenge läit, erfersetzt. Ech ginn net méi am Detail dorop an, mä ech zielen se nach just op.

Éischtens, de Contrôle technique bei enger Neiumeldung - de Gusty Graas ass am Detail dorobber agaangen, ech brauch dat also net ze widderhuelen.

Zweetens, am Fall vun engem Wiessel vum Propriétaire vun engem Auto, dat heescht wann een eng Occasion verkeeft, wéi een esou gutt am Jargon seet, an dee Certificat de contrôle war nach net ofgelaf, da brauch een, wann de Keefer domat d'accord ass, net méi duerch d'Kontrollstatioun ze goen.

Drëtt Vereinfachung: Déi historesch Autoen, dat heescht d'Oldtimer, déi virum 1. Januar 1950 an d'Zirkulatioun gesat goufen, kréien d'Dispens vum Contrôle.

Véiertens, wat d'Reglement vun den Zirkulatiounen ubelaangt, an de Gusty Graas ass dorobber agaangen, éischtens, wann d'Gemengen e Règlement d'urgence huelen, wat eng Gültgkeet huet vu manner wéi 72 Stonnen, brauche se dat also net méi vun dem Gemengerot accordéiert ze kréien an och net méi dem Minister virzeleeën, fir dass deem et confirméiert. An de Minister selwer brauch bei Reglementer, déi eng Dauer hu vu manner wéi dräi Méint, och net méi iwwer e Règlement grand-ducal ze goen, mä iwwer e Règlement ministériel, dee vun deenen zwee zoustännegge Ministere geholl gëtt.

An eng lescht Vereinfachung ass déi, wou de Rapporteur och drop agaangen ass, dass de Service de contrôle technique am Fong geholl Zougang huet zu den Informatiounen wat d'Décisiounen vun de Gerichter ubelaangt bei der Gestiou vun de Führerschäiner, dat heescht si brauchen net méi selwer erëm eng Kéier all déi Démarchen ze maachen, fir déi Informatiounen ze kréien.

Wat d'Sécherheet ubelaangt, mengen ech, kann een och dräi wichteg Neierunge vun dësem Projet ervirhiewen: Éischtens déi, dass Trakteren, déi méi séier op

der Strooss kënnen fuere wéi 40 km/h, an der Zukunft och regelmeiséig an de Contrôle technique musse goen. Datselwecht gëllt fir Trakteren, déi tëschent 25 a 40 km/h nëmme fueren, mä déi eng Remorque zéien - de Rapporteur ass och dorobber agaangen -, déi mussen awer och an Zukunft an de Contrôle technique goen. Déi drëtt betrëfft eben déi technesch Kontrollen, déi onerwaart op der Strooss kënnen organiséiert ginn, vun der Douane zesumme mat de Beamte vun der Kontrollstatioun, dass do och méi eng grouss Sécherheet vun de Gefierer op der Strooss verlaangt gëtt.

An eng véiert ass déi, dass d'Taxien an d'Ambulanzen an d'Poids-lourden, déi méi wéi 30 Joer hunn, bis elo war et esou, dass, wa se méi wéi 30 Joer an der Zirkulatioun waren, se duerno net méi hu brauchen an d'Kontrollstatioun ze goen. Deen Délai ass vun 30 op 35 eropgesat ginn, well ebe festgestallt ginn ass, dass där Gefierer ëmmer méi an der Zirkulatioun sinn. Voilà, dat sinn zwou Bemerkunge wéi gesot zu der administrativer Vereinfachung an zu der méi grousser Sécherheet, déi dee Projet hei mat sech bréngt.

Ech géing lech merci soe fir d'Nolauschteren a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

■ **M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, dee Projet, dee mer haut den Owend hei diskutéieren, ass och ee vun deene Projeten, deem um Ursprong läit vun där Diskussioun, déi mer haut de Mëtteg iwwert d'Prozedur an d'Aarbecht an der Chamber vun deene leschte Wochen hunn, an ech wëllt och hei ganz kloer nach eng Kéier dat zum Ausdrock bréngen, wat ech an der Kommissioun scho gesot hunn, nämlech dass och hei dee Projet ouni Diskussioun duerch d'Chamberkommissioun gaangen ass. Mir hunn an enger Sëtzung de Rapporteur gestëmmt, mir hunn den Exame vum Projet de loi gemaach, mir hunn den Exame vum Conseil d'État gemaach, mir hunn den Exame vun den Amendementer vun der Regierung gemaach.

Eng Diskussioun war net méiglech a war och net erwënscht, an ech denken, dass dat dote wierklech net déi Aart a Weis ass wéi een un d'Diskussioun vun esou Projete soll erugeen, well een am Noen, wann een dann alleguerten d'Documents parlementaires nach eng Kéier noliest, feststellt, dass an deem engen oder an deem aneren Artikel bei engem Projet wéi deem heiten, deen eigentlech jo elo presentéiert a kommentéiert ginn ass als ee méi technesch Problem, awer och, fir eis op jidde Fall, an ech kommen dorobber nach zrëck, op d'mannst ee fundamentale politesche Problem dran ass, deen eis et net erlaabt, dat Gesetz hei kënnen ze stëmmen.

D'Presentatioun ass gemaach ginn, ech brauch dorobber net méi am Detail anzegoen. An deem Gesetz hei ginn eng Rei vu Vereinfachunge gemaach am Beräich vun der Immatriculatioun. Interessant ass och, dass eng Kompetenzerweiderung vun der Douane an deem Gesetz hei niddergeschriwwen gëtt. D'Erlichterung fir Verkéiersreglementer an der Gemeng sinn zitéiert ginn, d'Festleeën an d'Opdeele vun de Kompetenzen am Beräich vun der Signalisation tëschent dem Stat an de Gemenge sinn opgefouert ginn. Iwwert d'Reglement-grand-ducalé sinn europäesch Direktiven ëmgaset ginn. Alles dat ass schéin a gutt.

Ech wollt awer zu deem méi techneschen Deel och nach dem Transportminister déi eng oder déi

aner Fro stellen, well deem Text jo zum Beispill am Beräich vun der Organisatioun vun der Parksituatioun, wann ech den Text richteg interpretéieren, de Gemengen an Zukunft d'Fräiheet léisst, eenzelne Kategorië vu Leit op Grond vun hirer Condition physique respektiv op Grond vun hirer Missioun op dem öffentliche Terrain Parkplazen ze reservéieren. Dat ass een Novum, wann ech dat esou verstanen hu wéi den Text et seet. Ech wär fro wann ech dat kéint vum Minister confirméiert kréien, well domadder d'Gemengen op eng Rei vu Bedierfnisser a Froen, déi sech an hirer Stad stellen, kënnen reagieren.

Eng zweet Fro, wou aus dem Text och net kloer ervirgeet a wou ech vläicht wollt déi eng oder déi aner Prezisioun hunn, ass déi iwwert d'Suen, déi de Gemengen zoufléissen aus den Avertissement-taxéën, déi erhuewe ginn doduercher wann d'Parksituatioun net geregelt ass a wa Leit hir Taxen net bezuelt hunn. Do steet dran, dass 75% vun deene Suen un d'Adress vun de Gemenge ginn, an et steet dran, dass e Règlement grand-ducal nach gestëmmt gëtt, fir festzeleeën wéi déi dote Verdeelung da gemaach gëtt.

Een Element, wat och am Gesetz steet an nach net hei ugeschwat ginn ass, ass dat vun de Fourriëren. Mir wëssen alleguerten, dass et op d'mannst zu dësem Zäitpunkt schwierig ass, wann eng Gemeng Autoen huet, déi immobiliséiert sinn, an d'Police soll se an d'Fourrière setzen, kréie mer permanent vun der Police gesot, dass et net méiglech ass, vu dass d'Fourriëren alleguerten iwwerfëllt sinn a keng Plaz doranner ass. Am Gesetz gëtt elo festgeluecht, dass eigentlech e Véhicule, nodeem en 72 Stonnen immobiliséiert ass, muss an eng Fourrière gestallt ginn.

Or wollt ech froen, ob d'Situatioun an de Fourrière sech dann an der Zwëschenzäit verbessert huet, fir deem doten Element Rechnung ze droen, wëssend dass an engem vun deenen Artikel ganz kloer steet, dass wann et en Empêchement dû à une circonstance majeure ass, dat net brauch respektéiert ze ginn. Dat ass déi drëtt Fro.

Déi véiert Fro ass, wéi vill Gefierer dass hei zu Lëtzebuerg zirkuléieren ouni Certificat vu Sandweiler? Dat ass eppes wat jo mat Verkéierssécherheet ze dinn huet. Ech hat am Joer 2002 eng Question parlementaire gestallt, wou ech effektiv als Antwort krut, dass et hei zu Lëtzebuerg 2,5% gëtt vu Bussen, 5,4% vu Camionen a 6,4% vu Remorquen, déi hei zu Lëtzebuerg fuere an lafen, ouni dass se e Certificat vu Sandweiler hunn. Huet de Minister Informatiounen doriwwer, ob déi Situatioun sech geännert huet, am beschte Fall gebessert huet?

Dat sinn e puer Froen zu deem techneschen Deel vun deem Gesetz, an dann eng Bemerkung zu deem eiser Aschätzung no wierklech héich politesche Beräich, an zwar ass dat deen, wou et ëm d'Ausdehnung vun de Pouvoiren vun der Société nationale du contrôle technique geet.

De Rapporteur huet kuerz drop higewisen, dass effektiv hei elo soll eng Base légale geschaf ginn, fir zousätzlech Aarbechten an där Société nationale kënnen ze maachen. Ech erënneren drun, an et steet och am Rapport vum Gesetz, dass effektiv am Juli 2002 jo schonn eng Rei vu Kompetenzen aus dem Transportministère ausgelagert gi sinn an d'Société nationale de contrôle technique. Mir hunn deemools als Fraktioun hei op der Chambertribün géint déi Privatiséierung protestéiert, well

dat war et an dat ass et haut an engem zousätzleche Mooss.

Mir hunn deemools gesot, dass déi Kompetenzen am Beräich vum Transportministère solle bleiwen. Deemools ass op eng Etüd vun Arthur Andersen higewise ginn, déi offensichtlech festgestallt huet, dass et am Beräich vum Transportministère an deem heiten Deel en Defizit u Personal gëtt. Mir hunn deemools dofir plädéiert, fir dat Personal anzustellen, an déi Aarbechten och am Ministère ze beloossen, well mer net konnten d'Argument deelen, dass de Ministère oder de Stat an deem heite Fall manner kompetitiv soll si wéi eng Privatgesellschaft. Dofir hu mir och dat Gesetz vum Joer 2002 net gestëmmt.

Hei gëtt dann elo an deem Gesetz eng Base légale geschafen, fir dass d'Société nationale de contrôle technique och kann Donnéeën verschaffen, déi mat der Privatsphär vun de Leit ze dinn hunn, wou et ëm medezinesch Informatiounen geet, wou et och ëm Informatiounen geet, déi vun de Gerichter kommen, also eng héich sensibel Matière, wou et absolut noutwendeg ass, dass héchst Confidentialitéit garantéiert gëtt.

Ech bedauern, an dat hunn ech aganks gesot, dass dat doten eigentlech iwwerhaupt net thematiséiert ginn ass. Et gëtt esou en passant gesot, et ginn zwou Zeilen an engem Text geschriwwen, a rupp ass erëm een Deel privatiséiert, wat eiser Aschätzung no an dësem Kontext net gutt ass.

Et kann ee soen, d'Oppositioun hätt jo och kënnen den Text éischter liesen an an der Kommissioun drop opmierksam maachen, mä opgrond vun där Aarbechtsorganisatioun, déi am Moment am Parlament hei herrscht, ass dat schwéier méiglech, d'autant plus och nach d'Ordres du jour an Zäite vun de Sëtzunge permanent changéieren, ass dat relativ schwierig.

Ech bedauern eigentlech, dass mat enger relativer Liichtgkeet iwwert deen heiten Artikel ewechgaange gëtt, well et eiser Aschätzung no wéi gesot eng ganz sensibel Matière ass, an ech erënnere mech och un d'Diskussiounen, déi iwwert d'Dateschutzgesetz gefouert gi sinn, wou alleguerten déi Leit, déi an deem Prozess implizéiert waren, vill doriwwer geschwat hunn an eng gewësse Sensibilitéit haten, wann et ëm d'Transfertéierung vun deenen doten Informatiounen giong.

Hei gëtt mat zwou Zeilen dat doten ewechgewëscht, an et gëtt eiser Aschätzung no och net 100%eg dem Dateschutzgesetz Rechnung gedroen. Well wann ech kucke wat am Dateschutzgesetz steet, da geet do Rieds vun enger Commission nationale pour la protection des données, an am Artikel 32 soll dann och déi Commission nationale pour la protection des données ëm en Avis gefrot ginn, all Kéiers bei engem Gesetz wou et ëm den Dateschutz an ëm den Transfert vun Donnéeën geet. Ech denken, dass dat besonnesch an dësem Fall wichteg gewiescht wier, wou et ëm esou héich confidentiel Donnéeën Rieds geet. Deen Avis ass menger Aschätzung no net gefrot ginn, deen Avis läit och net vir.

Elo kann een awer ënner Ëmstänn soen, am Gesetz steet net, weini dass deen Avis da soll geholl ginn, mä ech mengen awer, fir eng anstänneg parlamentaresch Aarbecht ze maachen, wär et eigentlech eng absolut Noutwendegkeet gewiescht, wann deen Avis do virun dem Vote vum Gesetz virgeleeën hätt, fir sech och kënnen dorobber ze berufen.

Mir mengen also, dass dat heite keng gutt parlamentaresch Aarbecht ass an dass och eigentlech de Geescht vum Gesetz iwwert den Dateschutz heimadder liicht vergewaltigt ginn ass, fir keen anert Wuert ze gebrauchen.

Da steet natierlech am Gesetz, dass déi Beamten, net déi Beamten, well et si jo keng, si schaffen an enger privater Gesellschaft, an enger Société anonyme, verëeegt sinn, an domadder vläicht de Virstellungen an dem Confidentialitéitsgrad vun der Regierung Rechnung droen an dierginn. Ech stelle mer awer d'Fro, wat fir eng Valeur, dass déi Verëeegung huet, wa Leit an enger Société anonyme schaffen.

Mir soen op jidde Fall, dass esou wéi dat heite geschitt ass, et net korrekt ass, a mir géingen dann och en Amendement presentéieren, wou mer d'Regierung oder d'Majoritéit hei am Parlament invitéieren deen doten Deel aus dem Artikel 4 vum Gesetz erauszuhuelen, well et eiser Aschätzung no politesch net richteg ass an och net diskutéiert ginn ass, an deen Avis net virläit. Ech géif deen Amendement hei ofginn.

Amendement 1

L'article 4 est modifié comme suit:

Le paragraphe 4 de l'article 4bis nouveau est supprimé.

(s.) Marc Zanussi, Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jeannot Krecké.

Ënnert der Viraussetzung, dass deem doten Amendement Rechnung gedroe gëtt, géinge mer dat Gesetz stëmmen. Sollt dat net de Fall sinn, wäerte mer géint dat heite Gesetz stëmmen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. le Président.** - De leschten Diskussionsriedner zu deem Projet ass den Här Fernand Greisen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).** - Här President, ech wëll all deene merci soen, déi um Projet matgeschafft hunn. De Projet ass virgestallt ginn. Mat de Bestëmmunge kann den ADR averstane sinn. Bedauerlech ass, an dat ass schonn hei gesot ginn, et feele Reglementer, Ännerungen, déi vun der Associatioun vun den historischen Autoe virgeschloe gi sinn. Deenen ass net Rechnung gedroe ginn. Et ass de Bewäis vu schlechter parlamentarescher Aarbecht.

Ech ginn den Accord vum ADR ënnert der Reserv, wat virdu gesot ginn ass, an der Hoffnung, dass keng Problemer iwwersi gi sinn.

Merci.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Transportminister Henri Grethen. Mir hunn uschlëssend nach e leschte Projet, dee virgesinn ass, dee vertage mer op muer. Dat ass dee vun den Naturalisatiounen.

Mä uschlëssend un dëse Projet steet nach e kleng Projekt um Ordre du jour. D'Wuert huet den Här Minister.

■ **M. Henri Grethen, Ministre des Transports.** - Merci, Här President. Ech wollt fir d'éischt dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Gusty Graas, merci soe fir säi schrëftlechen an och fir säi mëndleche Rapport. Och merci un den Här Hauptert fir d'Zoustëmmung vu senger Fraktioun zu dësem Projet.

Den Här Greisen, Här President, huet bedauert, dass eng Rei Règlements grand-ducaux géife feeelen. Et ass eng legislativ Praxis, dass den Detail et engem Règlement grand-ducal iwwerléisst, et awer jee nodeem wéi urgent, wéi séier d'Sache solle goen, net ëmmer an der Lag ass, fir deem Wonsch, deen itérativement op der Chambertribün artikuléiert gëtt, fir sämtlech Règlements grand-ducaux am Virus heihinner ze bréngen, wat net muss de Fall sinn, well e Règlement grand-ducal ass jo der Exekutiv virbe-

halen, brauch en Avis vum Conseil d'État, sauf urgence, mä ech kann awer der Chamber versprechen, dass ech gäre bereet sinn, wann dat gewënscht gëtt, deen een oder deen anere Règlement grand-ducal méi genau ze kucken, fir dann hei mat der Chamber ze diskutéieren.

Den Här Zanussi huet en Amendement abruecht, Här President, deen ech nach net gesinn hunn, esou dass ech mech herno zu deem wëll äusseren. En huet awer eng Rei Froe gestallt.

Effektiv ass et esou, dass an dësem Gesetz och eng Dispositioun ass, déi d'Konditiounen vum Parking résidentiel ofännert, a fir ënner anerem och der Emsetzung vun deenen Dispositiounen, wéi se elo vun der Stad Lëtzebuerg envisagéiert sinn, och eng legal Basis ze ginn. Dat heescht zum Beispill eenzelne Kategorië vun Utilisateuren, ob dat elo Doktere sinn, ob dat Handwerksbetriber sinn, déi mussen an eng Stad schaffe kommen, déi Méiglechkeet ze ginn, an et gëtt jo och elo ëmmer méi Gemengen, déi de Parking résidentiel aféieren am Intérêt vun hire Bierger, a fir och deenen entgéintzekommen, déi dann an déi Gemenge misste schaffen kommen. Et ass also effektiv dat d'Basis fir esou eng Réglementatioun.

Mir hunn dann - an dat ass en net strikt juristeschen, mä et ass e juristesche Problem, jee nodeem, wat fir e Charakter een deenen Taxé gëtt - op Wonsch vun de Gemengen deenen Taxen de Charakter vun engem Impôt communal ginn, wat fir d'Gemengen eng Rei Virdeeler huet bei der Perceptioun vun där Taxe, well et da ganz sécher ass, dass d'Taxe fir d'Gemeng ass. Et ass hei also eng ganz gemengefrëndlech Dispositioun, an ech huelen och un, dass dat jo net kann op Widerstand stousse bei enger Fraktioun, déi esou vill Gemengepapp an hire Reien zielt an déi mengt, d'Regierung géif net genuch maache fir d'Gemengen. Hei sinn op alle Fall Dispositiounen, déi ganz am Sënn vun de Gemenge sinn.

Déi drëtt Fro vum Här Zanussi, Här President, war dann déi vun der Fourrière. Effektiv besteet do e Problem, wat d'Fourriëren ugeet. Ech hunn an der leschter Woch dem Innenminister an och dem Justizminister geschriwwen, fir hinnen ze proposéieren, ob een net kënnt - wéi soll ech soen - eng national Fourrière op enger privater Basis envisagéieren. Ech kéint mer virstellen, dass d'SNCT, wann déi Departementer bereet wiere mat an déi Richtung ze goen, dass d'SNCT kënnt do eng Aufgabe iwwerhuelen, fir entweder an der Enceinte oder an der Géigend vun deene Centren, déi se elo schonn exploitéieren, fir do Fourriëren opzeriichten, fir dass d'Gemengen net méi mat deene Problemer ze dinn hunn an dass mer gläichzäitig d'Aarbecht vun der Police kéinten erliichteren.

Här President, dann ass eng véier Fro gestallt ginn: Wéi oft feelt esou e Certificat de contrôle? Mir stellen effektiv fest, leider hunn ech elo net déi genau Zuelen, mä den Här Zanussi hat mer eng Kéier eng Question parlementaire gestallt, do hu mer versicht op Basis vun deenen Angaben, déi mer iwwer Contraventionen an esou erakréien, do eng Opstellung ze ginn, och op Basis vun de Statistiken, déi mer féieren. Well et besteet jo eng Base de données, déi eis seet, ob e Gefier dem Contrôle technique presentéiert ginn ass oder net, woubäi mir net ëmmer wëssen, ob dat Gefier verkaaft ginn ass. Mir missten et eigentlech wëssen, mä ganz oft deelen d'Propriétaires dat net mat, mä d'Prozentsätz, déi deemools matgedeelt gi waren, déi dierften awer nach ëmmer sensiblement déiselwecht sinn.

Här President, dann zur Proposition vum Amendement, fir am Artikel 4 de Paragraph 4 ze sträichen. Do kann ech beim beschte Wëlle main Accord net ginn, well dat géif jo bedeuten, dass mer duerno an engem zimlech lofleere Raum, net emol an engem zimlech, mä an engem ganz lofleere Raum géifen operéieren. Dir verstitt, dann hätte mer d'Base légale fir eise Contrôle technique praktesch émasculéiert. Dofir deet et mer Leed, mä deen Amendement do muss ech d'Chamber invitéieren erëm zrëckzeweisen.

Merci.

M. le Président. - D'Diskusioun ass elo ofgeschloss. D'Lection vum Projet de loi an de Vote geschéien an der Sitzung vu muer, vum 12. Mee.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut. Dat ass d'Diskusioun vum Projet de loi 5159 iwwert déi nohalteg Entwécklung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Schank, Bodry, Graas, Mehlen a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

12. 5159 - Projet de loi relative à la coordination de la politique nationale de développement durable

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Emile Calmes (DP), rapporteur. - Här President, Dir Damen an Dir Hären, mat deem Gesetz hei geet et ëm d'Koordinatioun vun enger nationaler Nohaltegkeetspolitik, ee Gesetz, wat am Fréijoer vum leschte Joer déposéiert ginn ass, wou awer de Statsrot leider säin Avis eréischt am Fréijoer vun dësem Joer hei déposéiert huet, ofginn huet, an dobäi, mengen ech, eng Opposition formelle mat ofgeliiwwert hutt, wat da bedéngt huet, dass dat Gesetz hei huet missen op enger Partie Punkten ofgeännert ginn.

A sech berout dat Gesetz hei op enger Motioun, déi mer am Juli 2002 hei majoritär geholl haten am Kader vun enger Orientéierungsdebat iwwert déi nohalteg Entwécklung hei zu Lëtzebuerg, eng Debat, déi opgrond vun engem Rapport gefouert ginn ass, dee mer mat der Umweltkommission festgehalen haten an deen u sech selwer och erëm berout huet op dem éischten nationalen Nohaltegkeetsplang, dee vun der leschter Regierung ënnert dem Umweltminister Bodry kuerz virun dem Schluss vun där Legislaturperiod déposéiert gouf, an deen u sech och a grouse Linnen acceptéiert ginn ass, mat deenen Ofstrécher, déi mer dann ebe kennen.

An deem nationalen Nohaltegkeetsplang 1990 waren och schonn eng Partie Organer virgesinn; ënner anerem e Comité national pour le développement durable. Dat ass u sech dat Gremium, wat mer och mat deem Gesetz, oder ee vun den Organer, wat mer och mat deem Gesetz hei schafen. Bei eis an deem Gesetz hei heescht e Conseil supérieur pour le développement durable. An deem nationalen Nohaltegkeetsplang vun 1999 war och eng „task force“ ministériel virgesinn, dat entsprécht u sech där Commission interdépartementale du développement durable, déi mat dësem Gesetz hei an d'Liewe geruff gëtt.

An deem nationalen Nohaltegkeetsplang vun 1999 waren dann och nach zwee aner Instrumenter virgesinn. Eent vun deenen Instrumenter war den nationalen Nohaltegkeetsplang, vun deem deen éischte jo dann 1999 déposéiert ginn ass. Et war och virgesinn eng

Evaluatioun ze maache vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik, dat opgrond vun Indicateuren - och dat fënnt een an deem Gesetz hei erëm - opgrond vun engem Rapport, deen all zwee Joer gemaach gëtt, wat d'Emsetzung vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik ugeet, deen dann och opgrond vun dësen Indicateure gemaach gëtt.

Et ass keen Neiland, wat mer hei betrieden, dat alles ass also scho gesi ginn. D'Nohaltegkeet u sech oder d'Nohaltegkeetsiddi geet zrëck op 1987, wéi se am Brundtland-Rapport sengerzäit definéiert ginn ass an deem Sënn, dass eng nohalteg Entwécklung eng Entwécklung u sech ass, mat där déi Generatiounen vun haut hire Besoinen nokommen an engem Ausmooss oder esou, dass déi Generatiounen, déi no eis kommen, déi zukünfteg Generatiounen, och hire Besoinë kënnen nogoen an dass eis Generatiounen vun haut dat u sech net a Fro stellen.

Et ass och déi Iddi, déi op der Konferenz vu Rio u sech maassgebend war, a wou dann en fin de compte an enger Deklaratioun vu Rio iwwer Umwelt an Entwécklung festgehalen ginn ass vun alle Länner, dass och all Länner sech engagéiert hunn esou eng Politik ze maachen. Virun allem soll an Zukunft an der nationaler Politik d'Umwelt méi respektéiert ginn, an an deene Länner ee méi groussen Engagement soll stattfanne beim Asaz géint d'Aarmut

Ech wëll elo weider net op d'Nohaltegkeet selwer agoen. An deenen zéng Minute wier dat jo och onméiglech. Ech verweisen dofir op mäi Rapport vu virun zwee Joer. Ech verweisen och op déi Debat, déi mer sengerzäit do hatten. Ech wëll lech awer kuerz skizzeieren, ëm wat et an deem Gesetz hei geet.

Et ass och net méi an net manner, wéi dass mat deem Gesetz hei ee Kader soll geschafe gi fir eis national Nohaltegkeetspolitik, ee Kader, deen u sech zwee Organer virgesäit an och zwee Instrumenter, mat deene mer hei schaffen. Wéi gesot, als Organer: de Conseil supérieur pour le développement durable an eng Commission interdépartementale du développement durable, an zwee Instrumenter: de Plan national pour un développement durable an dann och de Rapport national sur la mise en oeuvre du développement durable, deen opgrond vun Indicateure festgehalen gëtt.

Mir hunn ee Conseil supérieur pour le développement durable. Wat fir Missiounen huet deen? Ma, virun allem gëtt an deem Gremium mol iwwer Nohaltegkeet diskutéiert. Dat Gremium kann dann och Recherchen an Etüde proposéieren, déi mat Nohaltegkeet ze dinn hunn. Et ka selbstverständlech och mat anere Gremien Austausch halen. Et soll och versichen - an dat ass, mengen ech, an enger éischter Phas eng vu sengen Haaptmissiounen - eng breetméiglechst Participatioun vun der Gesellschaft mat erunzeéien, sief dat vum eenzelne Bierger, sief dat awer och vun all öffentlecher a privater Organisatioun. Et ass, mengen ech, ee vun deene wichtegste Punkten en vue vun enger Sensibiliséierung vun eise Matbierger, wou, mengen ech, ganz vill Leit nach net wëssen, wourëm et bei der Nohaltegkeet geet.

Da selbstverständlech soll et Avisen ausschaffen iwwert déi national Nohaltegkeetspolitik. Dat heescht dee Conseil supérieur pour le développement durable ka souwuel der Regierung Propositionen maachen en vue vun enger nationaler Nohaltegkeetspolitik, e kann awer och Avisen ofliwwere wann d'Regierung dat freet, a wann d'Regie-

rung dat freet, da muss en dat och innerhalb vun dräi Méint maachen. Dëse Conseil kann dann och selbstverständlech jiddferee konsultéieren, deen e wëllt, ob et Verwaltungen sinn oder ob et offiziell Organer sinn. Mä dat beschränkt sech u sech och net op déi zwee. Dëse Conseil supérieur muss dann och all Joer e Rapport ofginn, souwuel der Regierung wéi och der Chamber, fir ze wësse wat en an deem Joer dann och geschafft huet.

Den Artikel 5 gesäit da vir, dass d'Zesummesetzung, d'Organisation an och de Fonctionnement vun dësem Conseil supérieur iwwer e Règlement grand-ducal fixéiert ginn. Et muss ee soen, an dat gëtt eis da virgeworf, dass jo schonn de Mëtteg hei gemaach ginn, dass kee weess wéi dat Gremium do zesummegefaasst ass. Et muss een allerdéngs soen, dass de Conseil d'État hei d'Proposition gemaach huet, dass een de Wee soll aschloen, dee mer och fir aner Gremien aschloen, an deem Sënn, dass een de Fonctionnement, d'Zesummesetzung an d'Organisation opgrond vun engem Règlement grand-ducal mécht.

Et muss een dann awer éierlechkeetshalber soen, dass am urspréngleche Gesetz virgesi war wien do soll dra sinn. Ënner anerem soll dee Conseil supérieur présidéiert gi vum Statsminister, deen assistéiert gëtt vun engem Verrieder vum Ministère vum Aménagement du Territoire a vun deem vum Environnement. Dat huet domat ze dinn, dass, mengen ech, de Statsminister sengerzäit beim Débat iwwert d'Lag vun der Natioun jo annoncéiert hat, dass de Conseil supérieur vum Aménagement du Territoire an deem hei soll opgoen. Et sinn och dräi Gemengeverrieder virgesinn. Et sinn dräi Verrieder aus den ONGen aus dem Umweltberäich virgesinn, awer och aus der Kooperatioun. Et si sechs Verrieder aus de Chambres professionnelles virgesinn, dräi Gewerkschaftsverrieder, dräi Patronatsverrieder, zwee Wëssenschaftler, ee vum Konsumenteschutz, ee vun der Ethikkommission an ee vun all Ministère.

Déi Leit ginn op véier Joer genannt, an et besteet och e Sekretariat wat dësem Conseil supérieur zur Hand geet. Dat Sekretariat ka sech dann och Leit uleeën, déi spezialiséiert sinn, dat kann awer och statutarescht Personal ënner anerem sinn. An et ass och virgesinn, dass dee Conseil supérieur hei matschwätzt wien u sech agestallt gëtt. Et ass och am Artikel virgesinn, dass eng Dotatioun am Budget virgesinn ass, fir dann dësem Conseil supérieur déi néideg Moyenen zur Verfügung ze stellen.

Dat zweet Organ, wéi gesot, ass de Conseil interdépartemental vum Développement durable. Och hei ginn d'Organisation, de Fonctionnement an d'Zesummesetzung iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht. Déi Leit hei ginn och fir véier Joer genannt. Am Prinzip ass aus all Ministère een dora virgesinn. D'Missioun sinn déi fir den Avant-projet vun engem Plan national de développement durable auszuschaffen a wéi gesot d'Mise en oeuvre vum Plang selwer hëllefen ze favoriséieren an och ze promouvoir, selbstverständlech och de Suivi dovun ze maachen an dann och all zwee Joer ze rapportéieren iwwert dat wat u sech ëmgësat ginn ass.

Et kann natierlech och dëse Comité de Régierungsrot saiséiere mat Projeten, Aktiounen an anere Mesurë fir d'Mise en oeuvre vun där Politik hei ëmzesetzen. E muss dann och bis den 31. Mäerz vum folgende Joer een Aktivitéitsbericht der Chamber hei virleeën. Voilà, dat fir déi zwee Organer.

Op där anerer Säit da wéi gesot d'Instrumenter, an dat ass den nationalen Nohaltegkeetsplang, deen all véier Joer opgestallt gëtt, dat natierlech opgrond vun deem Rapport, dee vun deem Comité do gemaach gëtt. An deem nationalen Nohaltegkeetsplang sollen dann déi prioritär Aktiounen festgehale ginn, déi d'Nohaltegkeet solle guidéieren. Et soll een awer och doranner d'Schlüsselsecteure fanne mat deenen Objektiv, déi mer eis wëlle ginn, esou wéi dat schonn an deem Plang, deen do ass, dran ass. Selbstverständlech sollen och d'Moyenen an d'Mesuren drageschriwwen si fir dës Objektiv ze verfollegen. Et muss een dann och draschreiwen wat d'Konsequenze sinn, souwuel déi wirtschaftlech, déi finanziell, déi sozial wéi awer och déi ökologesch.

Deen Avant-projet geet dann, wann e vun deem Comité do ausgeschafft ass, un d'Regierung. D'Regierung approuvéiert dëse provisoresche Plang dann a gëtt en hirersäits virun un d'Chamber an an de Conseil supérieur, déi dann en Avis dozou ausschaffen. Déi hu véier Méint Zäit fir dat ze maachen. Wann dëse Plang dann zrëck ass, huet de Comité zwee Méint fir en definitiv fest ze gestalten. Duerno wäert d'Regierung en dann approuvéiere mat der Motivation, firwat dass se déi eng oder déi aner Remarken aus der Chamber oder aus dem Conseil supérieur net respektéiert huet.

Dëse Plang gëtt dann am Mémorial publizéiert a kann iwwer e Règlement ganz oder zum Deel obligatoresch gestalt ginn. Wéi gesot iwwert dësen nationalen Nohaltegkeetsplang gëtt dann all zwee Joer rapportéiert, wou dann evaluéiert gëtt, eng Analys gemaach gëtt, wou eng Beschreibung gemaach gëtt, eng Evaluatioun vun der Situatioun gemaach gëtt, wéi dass d'Nohaltegkeet sech hei développéiert huet, dëst opgrond vun Indicateuren, wéi d'Regierung se jo schonn am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mer haten, virgestallt huet. Indicateuren, déi dann och opgrond vun engem Règlement festgehalen ginn, wellech dat sinn a wéi dass se solle fonctionnéieren, ganz einfach well och de Statsrot dat an deem Sënn esou wollt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi wesentlech Elementer vun dësem Gesetz hei. Ech mengen, dass mer awer mat dësem Gesetz et trotzdeem oder op d'mannst och wäerte fäerdeg bréngen, dass den Débat an d'Diskussioun ëm d'nohalteg Entwécklung net wäerten zu Enn goen, mä mat dësem Gesetz hei wäerte mer se institutionaliséieren an deem Sënn, dass se, mengen ech, awer fir d'Zukunft eng Debat garantéiert, dass déi Nohaltegkeetsdebat wäert permanent sinn, dass se och wäert breet gefouert ginn dobaussen a selbstverständlech och hei an der Chamber. Ech ka mech erënneren, dass mer relativ laang iwwert deen Zukunftsdësch hei diskutéiert hunn, dëst op Grund, mengen ech, vun där Immigrationsdebat, déi mer haten.

Perséinlech sinn ech der Iwwerzeugung, dass d'Nohaltegkeet de Stoff wäert liwwere fir d'politesch Debatte vun der Zukunft, an ech géif mengen, dass och an Zukunft d'Politik net wäert derlaanscht kommen, hir Politik nohalteg ze gestalten, am anere Fall mer, mengen ech, eis eegen Zukunft géifen a Fro stellen. Et muss ee sech och bewusst sinn, dass d'Nohaltegkeet, a wann een d'Leit dobausse freet wat d'Nohaltegkeet ass, e Begrëff ass, deen am politesche Liewen dach awer relativ nei ass. Ech mengen och, dass mer nach eng Partie Iwwerzeugungskraaft brauche fir net nëmmen eis hei selwer ze iwwerzeegen. Ech mengen, dass et der eng Partie an der Umweltkommission scho sinn, déi dovun iwwerzeegt sinn an och doriwwer eraus, mä ech mengen